N°4000
Entrée le 05.06.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 4000 vum 28. Abrëll 2026 vun den Hären Deputéierten Mars Di Bartolomeo an Yves Cruchten.**

- Wéini gedenkt d'Regierung d'Klo ze deponéieren?
- Wat wier de geneeën Inhalt vun der Klo an d'Zil dovunner?
- Géing d'Klo sech géint d'Entreprise riichten déi d'Aarbechte gemaach huet oder/an d'Entreprise déi d'Material geliwwert huet?

Mat dem Gesetz vum 26. Juli 2002 (Loi du 26 juillet 2002 sur la police et sur l'exploitation de l'aéroport de Luxembourg ainsi que sur la construction d'une nouvelle aérogare), wat den 9. August 2002 publizéiert gouf an den 13. August 2002 a Kraaft getrueden ass, an dem dozougehéiregen "Contrat de développement, de mise en valeur et d'exploitation de l'Aéroport de Luxembourg", den iwwert d'groussherzoglecht Reglement vum 14. Abrëll 2003 approuvéiert gouf an deem seng consolidéiert Versioun um Legilux nozeliesen ass, huet de Lëtzebuerger Staat d'Bedreiwen vum Fluchhafen Findel un d'Société de l'Aéroport de Luxembourg S.A., besser bekannt ënnert der Enseigne lux-Airport, iwwerdroen.

Et ass also net um Staat fir eng Klo ze deponéieren. Dat läit eenzeg an aleng an der Hand vun der Gesellschaft lux-Airport.

Informatiounen vun lux-Airport no gouf an der Tëscht eng Klo deponéiert, déi sech solidaresch géint déi 7 Entreprisen riicht, déi un de Renovatiounsaarbechten vun der Start- a Landebunn bedeelegt waren.

Et geet an der Klo dorëms, festzestellen, datt lux-Airport net de Produit kritt huet, deen de Bedreiwer vum Flughafen bestallt huet, an em d'Fro vun der dozou gehéireger Responsabilitéit an den deementspriechenden Entschiedegungen.

Et ass deemno elo eng Prozedur am gaangen déi Kloerheet an deem Dossier schafen soll. Et versteet sech vum selwen, datt ech mech zu deem Sachverhalt net weider äusseren wäert bis d'Justiz tranchéiert huet.

Lëtzebuerg, den 4. Juni 2026

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes